Madame, dir Hären Gemengeconselljeen,
Madame, dir Hären vun der Finanzkommissioun,
Dir Damen an dir Hären,

D 'Joer geet op en Enn an et ass erëm un der Zäit eis e Budget ze ginn iwwer dee mer déi Aarbechten bezuele kënnen déi mer d 'nächst Joer Wëlles hunn.

Well mer e Wahl Joer haten an de neie Gemengerot eréischt zanter kuerzem am Amt ass presentéiere mer de Budget haut, mäi mir stëmmen en eréischt den nächsten 10. Januar. Soumat hunn all d 'Membere vum Gemengerot Zäit en a Rou duerchzeliesen an och eis Finanzkommissioun kann a Rou hiren Avis formuléieren.

Dëst ass den éischte Budget vun der neier Majoritéit. En ass d 'Grondlag fir d 'Punkte vun eisem Schäfferotsprogramm ëmzesetzen dee mer virun enger Woch op dëser Platz virgestallt hunn.

Et ass gläichzäiteg och e Budget vun der Kontinuitéit. Mir wäerten Verschiddenes anescht maachen mäi dernieft och villes weiderfeieren wat mer iwwer déi leschte Joren geplangt oder ugefaangen hunn.

Wa mer op dat läscht Joer zréckkucken da kënne mer zefridde sinn mat der Aarbecht déi mir geleescht hunn. Et ass villes fäerdeg gestallt ginn, munches ass um gudde Wee oder an der Planung.

Op nationalem Niveau ass dat nett anescht, an och do ass nach ëmmer villes a Bewegung.

Obwuel d'Flüchtlingsproblematik bei wäitem nët méi sou grouss ass wéi nach virun 2 Joer si mir nach ëmmer gefuerdert a Saachen Ophuelen an Integréieren vu Mënschen déi hier Heemecht géint hire Wëlle musse verloossen.
D 'Reform vun de Gemengefinanzen ass gemat a mir sinn als Gemeng nët schlecht dobäi eweg komm.
D'Gehälterreform am der Fonction Publique ass gestëmmt an et ass e gutt Stéck Aarbecht fir eis Servicer fir déi nei Bestëmmungen ëmzesetzen.
Wat d 'Iwwerhuelen vun eise Rettungsdëngschter an deen neie CEGEDIS ugeet an den Transfert vun eiser Kierch un deen nei Kirchefong, sou sinn dës Reformen nach nët ganz vollzunn a mir hunn an eisem Budget nach Kreditter, souwuel fir eise Service d'Incendie, wéi och nach fir den Ënnerhalt vun der Kirch virgesinn.

Och d ‘Diskussiounen iwwer déi zukënfteg Entwécklung vun eisem Land sinn nach voll amgaang. Eppes si mir eis mengen ech, mëttlerweil awer All bewosst, sou kënne mir nët einfach weider fueren. Verkéiers- a Logementsprobleemer, d ‘Erzéiung an d ‘Ausbildung vun eise Kanner, d ‘Zesummeliewen tëscht villen Natiounen, déi sozial Ofsécherung, de Schutz vun eiser Ëmwelt, dëst sinn d ‘Erausfuerderungen vun der Zukunft.

An och mir als Gemengeverantwortlech si gefuerdert an all dëse Punkten. Mir musse reagéieren an ëmdenken, eis Gemeng permanent fit halen fir déi nei Erausfuerderungen kënnen ze meeschteren, dëst souwuel op personellem, techneschem, wéi op infrastrukturellem Niveau.

Mir hunn eis Gemengeservicer am Laf vum lëschte Joer vun enger spezialiséierter Beroderfirma analyséire gelooss fir se op Basis vun dëser Analyse ze reorganiséieren an ze verstäerken. All eis Läit hu positiv matgeschafft, an an enker Zesummenaarbecht mat eisen Aarbechter a Beamten konnte mir en Organigramme opstellen op Basis vun deem mer eis technesch an administrativ Servicer iwwer déi nächst Zäit reorganiséieren fir dat eis Gemeng optimal opgestallt ass fir d ‘Zukunft. Am Budget hu mer verschidde Poste virgesinn fir dës Reorganisatioun kënnen ëmzesetzen.

A Saache Ausbau vun eisem Gemengenatelier a vun de Bureau ‘en fir d ‘Verwaltung lafen d ‘Planungen.

Ech hat et d ‘läscht Joer scho bei der Virstellung vum Budget gesot, an et zitt sech och wei e roude Fuedem duerch eis Schäfferootserklärung – mir als Gemeng hunn eng ëmmer méi wichteg Roll ze spillen an den heitegen Zäiten vu Globaliséierung, fräier Maartwiertschaft an heiansdo récksiichtsloser Ausbeutung vun der Aarbechtskraaft.

Et ass un eis Hand iwwer eis Bierger ze halen, derfir ze Suergen dat eis Kanner eng gutt Ausbildung kréien als Basis fir hiert spéidert Studien- an Aarbechtsliewen, eis Jonk anstänneg bezuelte Platzen an erschwënglech Wunnechten fanne an eis Familljen och nach iwwer d ‘Ronne kommen wann emol eng Kéier ee vun hinne krank gëtt oder d ‘Aarbecht verléiert, dat eis eeler Matbierger déi néideg Mëttel behalen an déi richteg Strukture virfannen fir e wierdegen a flotte Liewensowend an eiser Mëtt ze verbréngen.

Et ass un eis derfir ze suergen dat dës Gemeng eng Platz bleift wou et schéin ass ze wunnen an ze liewen a wou mer Ee fir deen Aner do sinn wann Hëllef gebraucht gëtt.

A Saachen eschwengleche Wunnegsraum hu mir am Laf vum leschte Joer eng véiert syresch Famill bei eis opgeholl an an engem Haus ënner bruet dat Privatleit eis zur Verfügung gestallt hunn. Mir hunn zwou jonk Familljen aus der Gemeng am Haus Berna en neit Doheem ginn, de Bau vun 2 Haiser am Leyebierg ass gutt virukomm an de Réibau steet schonn do, 2 aner Haiser an der rue de la Montagne si genehmegt an do wäerten d 'Aarbechten geschwënn ugoen, aner Projet 'en sinn um Instanzewee. Dir gesitt, och op dësem Plang deet sech Eppes.

A Saachen Ëmwelt hu mer et d 'läscht Joer d 'Hänn och nët an de Schouss geluet.

Sou si mir am Moment am Klimapakt mat 59,8 % certifiéiert. Mir investéieren déi Recette vun 110.000,- € d 'Joer déi dat eis abréngt regelméisseg an eis Ëmwelt a mir hunn viru kuerzem e Subsidereglement ofgeseent fir eis Awunner substantiell ze ënnerstëtzen wa se en neit Haus bauen oder hiert bestehend energetesch sanéieren. Eist Energiekonzept hu mer am Laf vum Joer offiziell virgestallt a mir sinn amgaang et ëmzesetzen. Eist Ziel ass nach ëmmer eng 75% Zertifizeierung sou séier wei méiglech ëmzesetzen a mir hunn an dësem Budget och déi néideg Mëttel virgesinn fir op dëst Ziel hin ze schaffen, zesumme mat eisem Klimateam wat mer jo elo substantiell vergréissert hunn.

An och eist regionaalt Klimateam mat eisen Nopeschgemengen, dat vum SIAS koordinéiert gëtt, wäert weiderhin e wichtege Partner sinn fir an deene 5 betraffenen Gemeng déi 75% Zertifizéirung ze erreechen.

Déi biologesch Statioun vum SIAS wäert weiderhin e wichtege Partner vun der Gemeng bleiwen wat all Froe betrëfft a Saachen Schutz an den Erhalt vun eise Kulturlandschaften a Liewensraim.

An alle Beräicher vum Ëmweltschutz wëlle mer am Sënn vum Klimapakt nach méi aktiv ginn. Quelleschutz, Moossnamen géint Loft- a Liichtverschmotzung, nohalteg produzéiert a fair gehandelt Produkter kafen, Förderung vum ëffentlechen Transport an der doucer Mobilitéit, Recycling a Circular Economy asw., all dëst wäerten keng eidel Wieder bleiwen, och wann dat eis iwwer déi nächst Joren e puer Euro méi sollt kaschten.

Eisen neie Bebauungsplang konnt mer leider nett an der leschter Legislaturperiod op den Instanzewee ze ginn well den Avis vum Ëmweltministère zu eiser SUP (Strategische Umweltprüfung) nët zu Zäit virlouch. Ufank nächste Joer wäert mir hei um Dësch awer ufänken d 'Pläng an de schrëftlechen Deel vum Bebauungsplang ze diskutéieren an de Kredit fir de Räscht vun der Planung fannt der och an dësem Budget.

Den Dossier Réaménagement vum Zentrum vu Schëtter rondrëm d'Kircheplaatz huele mer erëm an Ugrëff. Mir wäerten zesumme mat deem Aarbechtsgrupp deem mer dës Missioun uvertraut hunn, Daat analyséieren a kompletéieren wat sie erschafft hunn, a kucken fir dëse wichtege Projet ëmzesetzen. De Kredit fir en Architekteconcours ass och hei virgesinn.

Den Ausbau vun eiser Maison Relais an de Bau vun enger neier Crèche sinn ofgeschloss a souwuel d 'Elteren wei och d 'Personal wat dra schafft si méi wéi zefridden mat dësen neien Infrastrukturen.

D 'Neigestaltung vun deenen verschiddene Schoulhäff an der Dällt ass och gutt viru gaang a bis d 'Ouschtervakanz misst den Haff virun der Schoul an de geplangtenen Auvent fäerdeg sinn. Eng nächst Etapp ass d'Sekuriséieren vum Schoulsite an der Dällt dee jo permanent méi grouss gëtt.

Den Ëmbau vum Centre Culturel a vun engem Deel vun der Schoul si fäerdeg. Dëst war alles aneres wéi en einfache Chantier, mäi dank dem virbildlechen Asatz vun alle Bedeelegen konnt den Deel Schoul pënktlech fir d'Rentrée fäerdeg gemat ginn. Wat de Centre Culturel ugeet, do sinn déi lëschten Aarbechten amgaang an och do misste mer an den nächst Méint derduerch sinn. Dës Aarbechten hunn, wéi sou oft wann een am Bëstand schafft, méi kascht wéi virgesinn a mir wäerten dem Gemengerot an enger nächster Sëtzung nach en zweeten Zousaatzdevis virleeën. Mais d 'Méi huet sech gelount an och fir dëse Projet kritt d 'Gemeng nëmme Luef.

Mir sinn och permanent amgaang queesch duerch d ‘Gemeng nei Spillplazen unzeleeën an déi bestehend Infrastrukturen ze erneieren. Um Grousbuer tëscht Schëtter a Schraasseg entsteet eng Spillplaz mat engem Ministade déi sech weise loosse kann. Och dëst war keen einfache Chantier, mäi wann elo am Fréijoer alles definitiv fäerdeg ass an d’Spillplaatz opgeet, sinn och hei all Roserei a Problemer vergiess an eis Kanner wäerte vill Freed do hunn.

Wat eis eeler Generatiounen ugeet do fënnt de Service Handreechen ëmmer méi Zoulaf a Munchereen kritt vun der Équipe beim Ënnerhalt vu sengem Haus oder Gaart gehollef. Och de Projet vun altersgerechte Wunnengen fir Leit iwwer 50 ass am Lafen. D ‘Leit aus der Gemeng Schëtter déi hei e Virkaafsrecht haten konnte sech mellen. D ‘Gemeng realiséiert an deem Projet 4 Appartementer déi se spéider u manner bemëttelt Awunner iwwer 50 verlount.

Wat eis Veräiner ugeet fannt der an dësem Budget wéi all Joer nieft der substantieller Ënnerstëtzung déi mir iwwer de Wee vun de Subsiden ginn och Krediter fir déi Infrastrukturen déi se brauchen fir hir Aktivitéiten auszeüben. Dëst si Kreditter fir d ’Buvette um Fussballsterrain, Infrastrukturen fir eis Kulturveräiner, eng Bikepist, den Ausbau vum Scoutschalet, d’Zuchtanlag fir Kléng Déieren.

Mir mussen an Zukunft och weiderhin an eis Kanal Netz investéieren an do wäert dëst Joer de Chantier vun deem engen oder aneren Réckhaltebecken ufänken.

Wat d ‘Stroossen ugeet sinn d’Projet’en vun der Rue de Senningen um Neihaischen, der Rue du Village zu Aal-Schëtter an der Entrée vun der Schlassgewann fäerdeg fir unzefänken. D ‘Planung fir d’30 Zone zu Minsbech ass am Lafen. De Projet vum Trottoir a Vëloswee tëscht Minsbech an Nidderanven hu mer missen zréck setzen well d ‘Genehmegung fir d ‘Beem ze versetzen oder ëm ze maachen nach nët virläit. Zu Aal Schëtter maache mir de leschten Deel vun der Vëlospiste Richtung Iwwersiren.

Och d’Creos an d ‘Post mussen nach Aarbechte maachen a mir wäerte versichen dat ganzt esou gutt wéi méiglech ze coordinéieren. All dës Aarbechten gi just am Intressi vun eise Bierger gemat well nëmmen esou bleiwen Versuergung an Entsuergung, an domadden och eis Liewensqualitéit geséchert.

Mir hu vill Wëlles, dat hutt der och schonn aus eiser Schäfferootserklärung eraushéieren, a mir mussen kucken fir déi néideg finanziell Mëttel ze garantéieren. An dat aller Wichtegst, mir mussen derfir suergen dat se esou sënnvoll wei méiglech agesat ginn.

Eis Finanzen si gutt. Den Impakt vun der Reform vun de Gemenge Finanzen op eis Gemeng ass positiv. Mir hu ronn 2,35 Millioune méi Recetten vum Staat am Rectifié 2017 wéi am Kont 2015. Dës Zousatzeinnahmen sinn awer och zum Deel op déi gutt Konjunktur an op den Awunnerwuesstum zréckzeféieren.

Eis Verantwortung ass eis Gebaier a Réseau ‘en an engem gudden Zoustand ze haalen fir dat och nach déi nächst Generatiounen se kënnen notzen.
Mir hu séit Mëtt des Joer’s en Firma déi sech ëm den Ënnerhalt vun eise Gebaier këmmert a mir musse feststellen dat verschidden Installatiounen nët an engem beschten Zoustand sinn. Mir si forcéiert iwwer déi nächst Joren substantiell Beträg an den Ënnerhalt ze investéieren wat sech och 2018 scho bei den ordinären Ausgaben bemierkbar mécht .

A well mer och an Zukunft nach mussen déi Projeten finanzéiere kënnen déi eng modern Gemeng brauch ass et wichteg weiderhin eng virsiichteg a verstänneg Finanzpolitik ze maachen.

Eis Taxen sinn nach gréisstendeels käschtendeckend. Mir wäerten se awer am Laf vum Joer iwwerpréiwen a se unzepassen wann d ‘Scheier vun de Recetten an Ausgaben ze weit ausernee geet.

An deem Sënn hu mer a Saachen Offallentsuergung en neit Offallkonzept festgehal, op Basis vun deem d ‘Taxen dann och mussen adaptéiert ginn. Mir wëllen och e Wee sichen fir eis Taxen méi oft ze verrechnen sou dat dat fir eis Client ‘en keng sou grouss Montant ‘en méi sinn.

D’Personalkäschte maachen 26,9% vun eisen uerdentlechen Ausgaben aus. Sie steigen dëst Joer ëm 200.994,00€, soit 6,8 % well mer virgesinn hunn an alle Servicer nei Leit anzestellen, dëst am Kader vum Ëmsetzen vun der Analys déi eis Beroderfirma vun de verschiddene Servicer gemat huet. D ‘Opstocken vum Personal ass onëmgänglech fir weiderhin all eisen Aufgaben am Déngscht vum Bierger gerecht ze ginn. D ‘Hausse fir 2018 ass natierlech héich mäi dat ass ënner anerem doduerch bedéngt dat mer dëst Joer e puer Leit manner beschäftegt haten. Ob mir déi zousätzlech Kreditter d ‘nächst Joer ganz brauchen hänkt natierlech och dervun of wéi séier mer dat richtegt Personal fannen.

35 Leit schaffen am Moment op der Gemeng 16 dovun sinn Aarbechter an 19 Beamten oder Privatbeamten.

Eis ordinär Einnamen klammen am Budget 2018 em ronn 3,5% par Rapport zum Budget rectifié 2017. D 'Ursaach heivunner sinn déi steigend Recetten bei der Gewerbesteier an dem Fonds de Dotation Globale des Communes (FDGC).

Eis Ausgaben klammen op der anerer Séit ëm 7,9 % par Rapport zum Rectifié 2017. Dat sinn 873.034,3 €.

Wéi all Joer well ech hei kloerstellen dat dëst e Budget ass. Eise Prinzip war a bleift - d 'Recetten nët ze héich unzesetzen, fir nët Geld ze verplangen wat nët erakënnt - d 'Ausgaben héich genuch virzegesinn fir den néidege Kredit ze hunn fir eventuell onvirgesinn Ausgaben. An et steet jo néierens dat een alles muss ausginn well een et am Budget stoen huet.

Budget rectifié 2017

Ier mer zum Budget 2018 kommen wëll ech hei nach eng Kéier op d 'Zuelen vum Budget rectifié vum lafenden Exercice agoen, iwwer dee mer jo och virum Budget 2018 ofstëmmen.

Am **Budget rectifié 2017** hu mir **uerdentlech Recetten** vun ronn 15,5 Milliounen €, also 2,5% **méi** wéi bei der Opstellung vun dem Budget 2017 ageschat.

D 'Ursaach heivu sinn haaptsächlech Mehreinnahmen duerch d 'Gewerbesteier, den FDGC an d 'TVA.

Déi **uerdentlech Dépensen** schätze mer fir **2017** op 10,99 Milliounen. Si sinn also 7,88 % **méi niddereg** wéi am Budget initial 2017 ageschat.

Ënnerscheeder am Verglach zu dem Budget initial goufen et ënner anerem op folgende Posten:

- 12.000 € manner bei de Locatiounskäschte fir d 'Informatik
- 125.000 € manner bei Personnalkäschten am Sekretariat;
- 16.000 € manner beim Syri-Bus ;
- 49.000 € manner bei de Betribskäschten vun der Gréngschnëttsammelplaatz;
- 38.000 € manner bei de Betribskäschten vum SIDEST ;
- 17.500 € manner bei de Betribskäschten vum SIAS ;
- 20.000 € manner bei den Entretienskäschte bei den ëffentleche Platzen;

- 13.000 € manner fir Akafen vun Drénkwaasser ;
- 25.000 € manner fir Entretienskäschten vun der Sportshall ;
- 969.794 € manner bei Part vun de Payen vum Léierpersonal;
- 24.000 € méi bei de Kommunikatiounskäschten;
- 15.000 € méi beim Fonds pour l'Emploi;
- 130.000 € méi duerch Aféieren vun Facility Management;
- 100.000 € méi fir Entretienskäschte vun de Gemengegebaier ;
- 27.500 € méi Entretienskäschte vun de Gemengestroossen;

Bei den **ausseruerdentlechen Recetten** leien mir mat 2,66 Milliounen € ëm 0,55% méi déif wéi urspréngleche ageschat.

Déi wichtegst ausseruerdentlech Einnamen fir 2017 sinn:
- 360.000,00 € Infrastrukturtaxen a Bedeelegung vun de Promoteuren un den Infrastrukturen;
- 705.000 € Subsiden vum Staat fir de Bau vun der neier Crèche an dem Ausbau Maison Relais;
- 400.000 € Bedeelegung vum Staat um Bau vun Sozialwunnengen ;
- 196.875 € Subsid am Kader vum Pacte Logement.

Ausseruerdentlech Dépensen hunn mir am Joer 2017 fir ronn 8,8 Milliounen € gemaach. Dat sinn 56 % manner wéi am urspréngleche Budget agesat.

Dëst waren déi wichtegst Ausgaben:
- 100.000 € fir den Ëmbau vum Paschtoueschhaus;
- 100.000 € fir de Bebauungsplang;
- 71.919 € fir Loftopnahmen vun der Gemeng;
- 348.681 € fir de Bau vun enger neier Crèche;
- 220.110 € fir den Ausbau vun der Maison Relais;
- 85.000 € fir den Ëmbau an der Maison Relais;
- 391.212 € fir Klendéieerzuchtanlag;
- 300.000 € fir de Bau vun Regenüberlaufbecken duerch de SIDEST;
- 130.000 € fir Projet 'en am Kader vum Klima Pakt;
- 126.185 € fir den Ëmbau vun engem Haus dat d 'Gemeng kaaft huet a verlount;
- 518.606 € fir de Bau vun 2 Haiser am Leyebierg;
- 335.000 € fir de Bau vun enger neier Spillplaz um "Grousbuer" a "Leyebierg"
- 175.000 € fir d'Astandsetzung vun eise Gréngflächen;
- 100.000 € fir d'Astandsetzung vun der Entrée Schlassgewan/rue de Luxembourg
- 50.000 € fir d'Astandsetzung vum Chemin Brehm;

- 191.267 € fir nei Gefierer fir den techneschen Déngscht;
- 1.000.000 € fir de Kaf vun Terrain 'en ;
- 285.000 € fir Capacités de Réserve beim SIDERE ze kafen;
- 2.193.797 € fir d'Astandsetzung vum Schoul-, Sport- a Kulturzentrum zu Minsbech;
- 350.000 € fir d'Astandsetzung vun den Alentouren rondrëm d 'Schoulen an der "Dällt".

De Budget rectifié vum Joer 2017 schléisst mat engem Mali vun 1.511.928,08 € 1.531.928,08 of.
Wann een dann de Boni vun 13.481.422,11 € vum Exercice 2016 derbäi zielt, dierfte mer d 'Joer 2017 mat engem présuméierte Boni à reporter vun 11.969.494,03 € 11.949.494,03 ofschléissen.

III. Budget 2018

Komme mer elo zum Budget 2018, deene Kreditter déi mer brauchen fir eis Projet 'en fir d 'nächst Joer ëmzesetzen.

Déi **uerdentlech Recetten** belafen sech op ronn 16 Milliounen €. Si leien ëm déi **6 %** méi héich wéi am Budget **initial** 2017, an **3,5 %** méi wei am rektifizéierte Budget 2017.

Mat der Reform un de Gemengefinanzen kréie mir jo 35% vun der Gewerbesteier déi op eisem Territoire erschafft gëtt direkt, dat si ronn 2 Milliounen. Duerfir kréie mir aus deem neien FDGC ronn 10,9 Milliounen. Dat sinn praktesch 80 % vun den uerdentlechen Einnamen vun der Gemeng Schëtter. Am Verglach zum Budget rectifié 2017 hu mir hei eng Hausse vun 4,7 %.

Déi uerdentlech Dépensen belafen sech op insgesamt 11,87 Milliounen €. Am Verglach zum Budget initial vum Joer 2017 leien dës ëm 0,068 Milliounen € oder 0,57 % méi niddereg. Par rapport zum Budget rectifié 2017 hu mir allerdéngs eng Progressioun vun den uerdentlechen Ausgaben 2018 vun 7,93 %.

Déi Ausgaben klammen also relativ staark par Rapport zum Budget rectifié 2017. Dëst ass bedéngt duerch den Accord Salarial am ëffentleche Déngscht, eng Indextranche vun 2,5 % an der zweeter Halschent 2018, weider Personal dat mir virgesinn hunn anzestellen (1 Redakter, 1 Architecte-Urbaniste, 1 Pechert a 1 Viraarbechter, 1 Aarbechter), de Facility Management Kontrakt an déi relativ staark Entretienskäschten déi deen déi fir déi nächst 2 Joer mat sech bréngt.

Fir 2018 hunn mir Lounkäschten vun ronn 3,2 Milliounen € virgesinn. Dëst sinn ongeféier 27% vun eisen uerdentlechen Dépensen. Dës Lounkäschten verdeelen sech mat 1.195.000 € op d 'Gemengenaarbechter, ronn 1.355.000 € Gehälter an der Administratioun (Sekretariat a Recette), ronn 70.000 fir de Responsabelen vun de Pompjeeën, vun deem senger Pay mer 50% vun Nidderanven zréck kréien, an den Agent Municipal, a 577.000 € Gehälter am Service technique.

An der Rubrik 1 « *Services généraux des administrations publiques »* belafen sech d 'Dépensen op viraussiichtlech 3.514.629,86 € fir d 'Joer 2018. Dëst ass eng Hausse vun 2,7 % par rapport zum Rectifié 2017, wat sech haaptsächlech duerch déi héich Bedeelegung um Fonds pour l'Emploi erkläert an duerch eng Progressioun bei de Personalkäschten.

An der Rubrik 2 *„Protection sociale"* stinn Ausgaben vun 1.300.026,28 €. Hei fanne mir de Repas sur Roues an de Club Senior mäi och d'Crèche an d'Maison Relais. Hei hu mer par Rapport zum Rectifié 2017 e Plus vu ronn 195.000 € deen duerch zousätzlech Käschten fir Crèche a Maison Relais, wou mer permanent méi Kanner kréien, ze erklären ass.

Ënnert 3 „*Ordre et sécurité publics"* fanne mir Ausgaben vun 401.386 €. Hei hu mer eng Progressioun vun 30,13 % par Rapport zum Rectifié, dëst doduerch dat d 'Gemengen eng Participatioun un de Funktionementskäschten vum neie CGEDIS kritt deen am Kader vun der Restrukturéirung vun de Rettungsdengschter geschaf gëtt.

D 'Rubrik *„Affaires économiques"* - mat 520.650 € sinn dat d'Feldweer, de Service Forestier, den Tourismus an d 'Bussen déi mir organiséieren. Heirënner fält och eis alljährlech Cotisatioun beim ORT-Centre-Ouest.

D'Rubrik *„Protection de l'environnement"* gesäit Ausgaben vun 1.413.497,23 € vir. Se begräift d 'Gestioun vum Offall mat 688.750 €, d 'Behandlung vum Ofwaasser mat 599.272 € souwéi den Naturschtzdeel vum Sias mat 125.475,23 €. An dëser Rubrik hu mer eng Steigerung vun ronn 7 % doduerch dat och d

‘Käschte vun de Syndikater, déi fir eis dës Missiounen iwwerhuelen, permanent klammen.

An der Rubrik *„ Logements et équipements collectifs“* fanne mer den Entretien vun den ëffentleche Platzen, d ‘Circulatioun, den Ënnerhalt vun de Gemengestroossen, den Ënnerhalt vum Kierfeg, an d ‘Fonctionnementskäschten fir den Atelier vun den techneschen Déngschter. Dës Positioun begräift d ‘Paien vun den Aarbechter an déi ganz Käschten vun de Gefierer an dem Aarbechtsmaterial. Gesamtkäschten sinn hei 2.536.000 € dat bedeit eng moderat Hausse vun 2,77 % par Rapport zu 2017, bedéngt duerch d ‘Astellen vun zousätzlechem Personal an de Käschten vum Facility Management.

D’Rubrik *„Loisirs, culture et cultes“* begräift d’Sportsterrain’en mat 100.000 €, d’Sportshaalen mat 355.875 €, d’Subsiden un d’Sportsvereiner mat 22.500 €, de Centre Culturel mat 208.875 €, d ‘Museksschoul mat 235.500 €, d ‘Kierch mat 15.000 €, déi offiziell Feierlechkeeten mat 120.000 € a schlussendlech verschidden Ausgaben wei d ‘Indemnitéiten vun de Chargéen déi Cours ‘en halen, d ‘Subsiden un déi kulturell Veräiner , Kaf vu Konschtwierker asw. mat 87.750 €. Alles an allem kascht dës Rubrik 1.145.500 €. Mir hunn hei eng Hausse vun 11,16 % par Rapport zu 2017, bedéngt duerch d ‘Käschten vum Facility Management.

An der Rubrik «*Enseignement*» stinn schlussendlech 961.975 € Dépensen. Dobäi ass ze soen, dat duerch Reform vun de Gemengefinanzen de Posten an der Rubrik Enseignement d ’Personalkäschten, ronn 975.000 €, net méi zu laaschten vun de Gemengen geet. Dowéinst hu mer eng Baisse vun 46,5 % par rapport zum Budget initial 2017.

Mir wäerte weiderfueren eis uerdentlech Käschten am Grëff ze halen, well mir wëssen dat mir deen aktuelle Wuesstem an déi domadde verbonnen Recette nët däerfen als selbstverständlech ugesinn an dat mir och mussen fir manner gutt Zäiten preparéiert léiwen.

Recettes extraordinaires.

Déi ausseruerdentlech Einnamen ginn fir d' Joer 2018 op 3.250.932 € ageschat. Dës leien deemno 21,2 % méi héich wei am Budget initial vum Joer 2017 well mer verschidde Subsiden vum Staat fir eis Crèche a Maison Relais, a fir de Bau vun Haiser zegudd hunn.

Hei déi wichtegst Einnamen mat deene mer fir 2018 rechnen:

- 100.000,00 € Bedeelegung vu Lotisseuren am Kader vu PAP 'en;
- 125.000,00 € Infrastrukturtaxen;
- 2.622.500,00 € Subvention vum Staat fir de sozialen Wunnengsbau
- 150.000,00 € Subventioun vum Staat fir en Verbindungswee zwëschen Minsbech an Nidderanven
- 108.216,00 € Subventioun am Kader vum Pacte Logement.

Dépenses extraordinaires.

Déi geplangten ausseruerdentlech Ausgaben belafen sech fir 2018 op 19.187.615,00 €:

- 410.000,00 € fir den Ëmbau vum Paschtoueschhaus zu Schëtter;
- 200.000,00 € fir de Bebauungsplang;
- 20.000,00 € fir eventuell regional Projet 'en am Kader vun der Airregioun;
- 100.000,00 € fir den Architekteconcours am Kader vum Réaménagement vum Zentrum vu Schëtter;
- 45.000,00 € fir en geographeschen Informatiounssystem
- 50.000,00 € fir eng Berodung am Kader vum Ausbau vun eise Servicer;
- 100.000,00 € fir Étuden an urbanistesch Berodung
- 20.000,00 € fir d'Réévaluatioun vum Jugendkommunalplang
- 50.000,00 € fir d'Réfectioun vun de Bëschwéer
- 100.000,00 € fir eis Part vum Fierschter sengen Gefierer
- 1.000.000,00 € fir d'Klengdéierenzuchtanlag zu Iwwersiren;
- 100.000,00 € fir den Aménagement vun den ëffentleche Flächen am Parc d'Activités Syrdall;
- 153.750,00 € fir den Ausbau vum Recycling Center;
- 200.000,00 € fir d'Réfectioun vun der Kanalisatioun an der rue d'Oetrange zu Schrasseg
- 25.000,00 € fir d'Verleen vun engem Kanal fir d 'Reewaasser zu Schëtter
- 100.000,00 € fir d'Verleen vun engem Kanal fir Iwwerflächewaasser zu Schëtter / Minsbech
- 50.000,00 € fir Iwerschwemmungspréventioun

- 100.000,00 € fir d'Réfectioun vum Kanal zu Minsbech
- 1.500.000,00 € Apport en Kapital beim Wassersyndikat SIDEST;
- 375.000,00 € fir Moossnamen am Interessi vum Klimaschutz;
- 250.000,00 € fir de Kaf vun Terrainen fir verbëllegt Wunnraum;
- 2.825.000,00 € fir de Bau vu Locatiounswunnechten fir jonk Leit a Familljen;
- 1.000.000,00 € fir de Bau vu Locatiounswunnechten fir Matbierger iwwer 50;
- 110.000,00 € fir e Bikepark;
- 200.000,00 € fir d'Spillplatzen an der ganzer Gemeng ze ergänzen;
- 50.000,00 € fir d'Grillplatzen ze erneieren
- 25.000,00 € fir den Aménagement vun de Gréngflächen;
- 100.000,00 € fir d 'Foussgängersträifen ze verbesseren (phase 2)
- 500.000,00 € fir d'Astandsetzung vun der Sennengerstrooss um Neihaischen;
- 300.000,00 € fir d 'Bauen vun engem Parking beim Kierfecht an de Réaménagement vum Kierfecht
- 50.000,00 € fir de Vëlo- a Foussgängerwee ënner der Autobunnsbréck tëscht Minsbech an Nidderanven;
- 300.000,00 € fir en Foussgänger a Vëloswee tëscht Minsbech an Niederanven
- 220.000,00 € fir eng 30er Zone virum Campus "an der Dällt"
- 600.000,00 € fir de Réaménagement vun der Entrée vu Schraasseg an dem Agank an d'Schlassgewann;
- 560.000,00 € fir de Redressement vun der rue du Village zu Aal-Schëtter;
- 150.000,00 € fir Infrastrukturaarbechten an der rue de Canach an an der Haaptstrooss zu Schëtter;
- 400.000,00 € fir d'Astandsetzung vum Chemin Brehm;
- 125.000,00 € fir d'Uleen vun engem Trottoir tëscht der "rue de la Vallée" an dem CR 171 "Birelergronn" um Neihaischen
- 100.000,00 € fir d'Uleen vu Foussgänger- a Raadweer;
- 300.000,00 € fir dat läscht Stéck vum Vëlo- a Foussgängerwee tëscht Aalschëtter an Iwwersiren;
- 50.000,00 € fir den Ausbau vun der Hal fir eis technesch Servicer;
- 200.000,00 € fir de Kaf vun Gefierer fir den Service technique
- 100.000,00 € fir d 'Mesuren fir eng Kreatioun vun enger Quelleschutzzoon
- 50.000,00 € fir d 'Étude fir d 'nei Fassung vun eiser Quell am Birelergronn
- 75.000,00 € fir d'Astandsetzung vum Waasserbaseng um Neihaischen
- 2.600.000,00 € fir de Kaf vun Terrainen an Haiser;
- 295.000,00 € fir d 'Vergréisserung vun der Buvette um Fussballsterrain;
- 200.000,00 € fir d'Astandsetzung vum Dach vum Pavillon zu Minsbech
- 50.000,00 € Etude fir de Bau vun enger multifonkioneller Hal
- 50.000,00 € Etude fir den Ausbau vum Scoutschalet
- 300.000,00 € fir d'Astandsetzung vum Centre Culturel zu Minsbech;
- 400.000,00 € fir eng ekologesch Astandsetzung vum Centre Scolaire

- 50.000,00 € fir eng Etude fir d'Vegréisserung vum Centre Scolaire

De Budget 2018 schléisst mat engem Boni vun 231.581,64 € of. Den ordinairen Iwwerschoss beleeft sech fir 2018 op 4.218.770,61 € wat 26% vun eisen ordinaire Recetten ausmécht.

Dir gesitt, eis Finanze si gesond an et gëllt eis Gelder sou nohalteg an effizient wei méiglech anzesetzen. Wa mir weiderhin verstänneg wiertschaften brauche mir eis fir d 'Zukunft vu Schëtter keng gréisser Suergen ze maachen.

Och gréisser Projet 'en déi nach ausstinn wéi de Bau vun engem neie Kulturzentrum an enger Mehrzweckhaal fir eis Veräiner, dem Ausbau vum Gemengenatelier an der Kläranlag, dem Bau vun de verschiddenen Stroossen an den eventuellen Ausbau vum Schoulzentrum wäerte mir finanzéier kënnen. Mais et gelt bei der Planung vun all Projet sämtlech Folgekäschten ze analyséieren, well et sinn déi déi während der ganzer Liewensdauer ufalen an oft em Villes méi deier sinn wei de Projet.

Ech soen all eise Beamten déi gehollef hunn dëst Budgetsdokument opzestellen vun dëser Platz aus e ganz decke Merci.

Iech all hei um Dësch géing ech bieden em Schäfferot aer eventuell Ergänzungsvirschléi zum Budget bis haut an enger Woch eranzeginn

Ech free mech op eng konstruktiv Diskussioun iwwer dëst Dokument an eiser Sëtzung vum 10 Januar 2018 an ech wënschen iech all schéi Feierdeeg an dat mer eis am Januar gesond a monter hei erëm gesinn.